# Opruff un all Awunnerinnen an Awunner: Spuersamen Ëmgang mam Drénkwaasser

D'Gemeng Koplescht rifft all Awunnerinnen an Awunner dozou op, an de kommende Wochen **besonnesch spuersam a verantwortungsvoll mam Drénkwaasser ëmzegoen**.

Eis reservéiert Waasserkapazitéiten erreechen hir Limitt. Mir bieden Iech dofir, **bis op Weideres** drop ze verzichten, Gäert ze wässeren, Piscinen ze fëllen oder Autoen doheem ze wäschen.

Mir recommandéieren Iech, folgend Mesuren ze respektéieren:

- Vermeit et de Wues mat Drénkwaasser ze nätzen. D'Gras gëtt mam nächste Reen nees gréng.
- Nätzt Planzen a Blummen nëmme moies fréi oder owes no Sonnenënnergang. Benotzt, wa méiglech, Reewaasser fir d'Bewässerung.
- Loosst Ären Auto léiwer an enger professioneller Wäschanlag wäschen. Dës benotzen zoue Waasserkreesleef a kënnen d'Waasser méi effizient weiderverwäerten.
- Benotzt léiwer ëffentlech Schwämmen amplaz privat Piscinen ze fëllen. Wa vill Stéit gläichzäiteg hir Piscinen opfëllen, kann dat séier zu enger Iwwerlaaschtung vun eisem Versuergungsnetz féieren.
- Huelt léiwer eng kuerz Dusch amplaz vun engem Bad a dréit d'Waasser zou, wärend Dir Iech aseeft.
- Loosst d'Wäschmaschinn an d'Spullmaschinn nëmme lafen, wa se voll geluede sinn.

Zënter zwou Wochen hu mir an eisem Drénkwaassernetz en ongewéinlech héije Waasserverbrauch wärend den Nuechtsstonne festgestallt. Den duerchschnëttlechen Nuetsverbrauch läit normalerweis bei ronn **10 m³ pro Stonn**, ass awer an de leschte Wochen op ronn **30 m³ pro Stonn** geklommen.

Zousätzlech ass de Gesamtwaasserverbrauch um Territoire vun der Gemeng un eng festgeluechte Limitt gebonnen, esou wéi dat och a ville Gemengen am Land de Fall ass. An de leschte Wochen hu mir dës Limitt e puermol nëmme ganz knapp net iwwerschratt.

Eng Iwwerschreidung vun däser Limitt hätt direkt finanziell Konsequenzen, well d'Gemeng fir all Kubikmeter iwwer dem zougeloossene Seuil eng héich Penalitéit bezuele muss.

Den *Service de proximité* vun der Gemeng wäert d'Anhale vun dëse Mesure kontrolléieren.

Nëmmen duerch e gemeinsaamt Engagement vun allen Awunnerinnen an Awunner kënne mir eis Drénkwaasserversuergung ofsécheren an dës Situatioun zesumme meeschteren.

**Mir soen Iech villmools Merci fir Äert Versteesdemech an Är wäertvoll Matwierkung.**

# Appel à l'ensemble des habitants : utilisation responsable de l'eau potable

La commune de Kopstal appelle l'ensemble des habitantes et habitants à faire preuve d'une utilisation particulièrement économe et responsable de l'eau potable au cours des prochaines semaines.

Nos capacités de réserve en eau atteignent actuellement leurs limites. Nous vous demandons donc, jusqu'à nouvel ordre, de renoncer à arroser les jardins, remplir les piscines ou laver les voitures à domicile.

Nous vous recommandons de respecter les mesures suivantes :

- Évitez d'arroser les pelouses avec de l'eau potable. Elles reverdiront dès les prochaines pluies.
- Arrosez les plantes et les fleurs uniquement tôt le matin ou après le coucher du soleil. Utilisez, dans la mesure du possible, de l'eau de pluie pour l'arrosage.
- Faites laver votre véhicule dans une station de lavage professionnelle. Ces installations utilisent des circuits d'eau fermés et recyclent l'eau de manière beaucoup plus efficace.
- Privilégiez les piscines publiques plutôt que le remplissage de piscines privées. Si de nombreux ménages remplissent leur piscine simultanément, cela peut rapidement entraîner une surcharge de notre réseau d'approvisionnement en eau.
- Préférez une douche courte à un bain et fermez le robinet pendant que vous vous savonnez.
- Ne faites fonctionner le lave-linge et le lave-vaisselle que lorsqu'ils sont complètement remplis.

Depuis deux semaines, nous constatons une consommation d'eau inhabituellement élevée sur notre réseau d'eau potable durant les heures nocturnes. Alors que la consommation moyenne de nuit est habituellement d'environ **10 m³ par heure**, elle a atteint près de **30 m³ par heure** au cours des dernières semaines.

Par ailleurs, la consommation totale d'eau sur le territoire communal est soumise à une limite fixée, comme c'est également le cas dans de nombreuses autres communes du pays. Au cours des dernières semaines, nous avons frôlé cette limite à plusieurs reprises.

Le dépassement de cette limite entraînerait des conséquences financières directes, la commune devant s'acquitter d'une pénalité importante pour chaque mètre cube consommé au-delà du seuil autorisé.

Le *Service de proximité* de la commune veillera au respect de ces mesures.

Ce n'est que grâce à l'engagement collectif de l'ensemble des habitantes et habitants que nous pourrons préserver notre approvisionnement en eau potable et surmonter cette situation ensemble.

**Nous vous remercions sincèrement de votre compréhension et de votre précieuse collaboration.**

Koplescht Briddel

# Appeal to All Residents: Responsible Use of Drinking Water

The Commune of Kopstal calls on all residents to use drinking water particularly sparingly and responsibly over the coming weeks.

Our reserved water supply capacity is reaching its limit. We therefore ask you, until further notice, to refrain from watering gardens, filling swimming pools or washing cars at home.

We recommend that you observe the following measures:

- Avoid watering lawns with drinking water. The grass will turn green again with the next rainfall.
- Water plants and flowers only early in the morning or after sunset. Whenever possible, use rainwater for irrigation.
- Have your car washed at a professional car wash. These facilities use closed water recycling systems and can reuse water much more efficiently.
- Prefer public swimming pools instead of filling private pools. If many households fill their pools at the same time, this can quickly overload our water supply network.
- Take a short shower instead of a bath and turn off the water while soaping yourself.
- Only run your washing machine and dishwasher when they are fully loaded.

For the past two weeks, we have recorded an unusually high level of water consumption on our drinking water network during the night. Under normal circumstances, average nighttime consumption is around **10 m³ per hour**, but in recent weeks it has increased to approximately **30 m³ per hour**.

In addition, the total water consumption within the municipality is subject to a fixed limit, as is the case in many municipalities across the country. Over the past few weeks, we have come very close to exceeding this limit on several occasions.

Exceeding this limit would have direct financial consequences, as the municipality must pay a substantial penalty for every cubic metre consumed above the authorised threshold.

The municipality's Service de proximité will monitor compliance with these measures.

Only through the collective commitment of all residents can we safeguard our drinking water supply and successfully overcome this situation together.

**We sincerely thank you for your understanding and your valuable cooperation.**